N°2438
Entrée le 11.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.06.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Juni 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Säit der Schoulreform vun 2009 sinn d'Lëtzebuerger Primärschoulen nemméi dozou verflicht, fir zertifizéiert Schwammmeeschteren anzestellen. Dat huet zu engem Qualitéitsverloscht vum Schwammunterrecht an zu demotivéierte Schwammmeeschtere gefouert. Sou erënnert de President vun der Association luxembourgeoise des Instructeurs de natation (ALIN) an engem Online-Artikel vun « Luxtoday » („*In Luxemburg können Kinder nicht mehr schwimmen - wegen der Reform und des Mangels an Fachkräften*") vum 20.4.2025 drun, datt de Ministère schonns 2009 versprach hat, d'Gesetz ze iwwerschaffen, mee säitdeem hätt sech näischt geännert. D'Gemengen hätten no an no keng zertifizéiert Schwammmeeschtere méi agestallt a vill Kanner géifen haut just nach all zwou Wochen eng hallef Stonn schwammen. D'Resultat dovu geséich een am 6. Schouljoer: *„Ein großer Teil der Schüler verfügt nicht über grundlegende Schwimmkenntnisse und weiß einfach nicht, wie man sich im Wasser hält".*

An engem Artikel vum „Lëtzebuerger Journal" vum 3. Juni 2025 *("Personal fehlt, Perspektive auch: Schwimmmeister*innen im Ungewissen")* beschreift e Schwammmeeschter dësen „nivellement vers le bas" follgendermoossen: *„Man hat mit Leuten gesprochen, wo man sich sagt: Bei allen guten Absichten, mit allem Respekt gegenüber dieser Person, aber man kann sie nicht einfach so auf Kinder loslassen!"* A weider heescht et: *„Bei anderen seien die Luxemburgischkenntnisse stark begrenzt, sie sollen dann aber später ein Kind, das Angst hat, im Stress ist, beruhigen oder erklären, wie es schwimmen soll…"*

An deem Kontext erliewe privat Schwammschoulen e Boom. Ëmmer méi Elteren optéiere fir Privatunterrecht (deen net ëmmer bëlleg ass), fir datt hir Kanner iwwerhaapt nach anstänneg schwamme léieren..

Am „Luxtoday"-Artikel heescht et weider: *„Die Anforderungen an die Lehrkräfte im Bildungssystem sind jedoch nach wie vor minimal: ein Rettungsschwimmer-Zertifikat ist ausreichend. (…) Die beiden Fachleute fordern, dass der Staat das Meisterschwimmen wieder in das Grundschulsystem einführt. Nur so könne man das Vertrauen und die Sicherheit der Kinder im Wasser gewährleisten. Andernfalls besteht die Gefahr, dass Luxemburg zu einem Land wird, in dem Schwimmen wieder zu einem Luxus wird, den sich nur diejenigen leisten können, die dafür bezahlen können."*

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi reagéiert den Här Minister op déi uewen zitéiert Suerge vun der ALIN, souwuel wat d'Ausbildung vun de betreffende Léierpersoune wéi och wat d'Qualitéit vum

Schwammunterrecht am Fondamental ugeet? Wéini ass an deem Zesummenhang mat enger Reform vum Gesetz vun 2009 ze rechnen?

2) Zu Lëtzebuerg stellt, wéi een um Site vu GovJobs noliese kann (https://govjobs.public.lu/fr/nous-decouvrir/berufe-entdecken/wussten-sie-das-etwa-nicht-das-beherrschen-der-drei-amtssprachen-ist-kein-ausschlusskriterium.html?utm_source=chatgpt.com), *„das Nicht-Beherrschen aller drei Amtssprachen kein Ausschlusskriterium für eine Beschäftigung im öffentlichen Dienst"* duer. Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt et zwéngend noutwenneg wier, datt all Schwammmeeschter, deen hei zu Lëtzebuerg mat Kanner ze dinn huet, perfekt Lëtzebuergesch schwätzen a verstoe misst?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2438 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

1. **Wéi reagéiert den Här Minister op déi uewen zitéiert Suerge vun der ALIN, souwuelwat d'Ausbildung vun de betreffende Léierpersoune wéi och wat d'Qualitéit vum Schwammunterrecht am Fondamental ugeet? Wéini ass an deem Zesummenhang mat enger Reform vum Gesetz vun 2009 ze rechnen?**
2. **Zu Lëtzebuerg stellt, wéi een um Site vu GovJobs noliese kann (https://govjobs.public.lu/fr/nous-decouvrir/berufe-entdecken/wussten-sie-das-etwa-nicht-das-beherrschen-der-drei-amtssprachen-ist-kein-ausschlusskriterium.html?utm_source=chatgpt.com), „das Nicht-Beherrschen aller drei Amtssprachen kein Ausschlusskriterium für eine Beschäftigung im öffentlichen Dienst" duer. Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt et zwéngend noutwenneg wier, datt all Schwammmeeschter, deen hei zu Lëtzebuerg mat Kanner ze dinn huet, perfekt Lëtzebuergesch schwätzen a verstoe misst?**

Nieft dem Enseignant ass obligatoresch ee Schwammmeeschter wärend dem Schwammunterrecht present.

Zanter 2013/2014 huet d'Gemeng bedéngt duerch eng Ofännerung vum Gesetzestext *Loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental* zousätzlech nees d'Méiglechkeet, fir direkt méi Schwammmeeschteren an der Schwämm ze engagéieren, fir d'Enseignantë vum Schwammcours beim Developpement vun de Kompetenze vun deene Kanner, déi nach net schwamme kënnen, ze ënnerstëtzen. De Staat bedeelegt sech am Fall vun der Interventioun vun de Schwammmeeschteren un de Fraisen, déi duerch hir Presenz entstinn an ënnerstëtzt domat d'Assistenz vum Léierpersonal duerch zousätzlecht Personal an der Schwämm. Entspriechend gouf iwwert dëse Wee am Kontext vum Schoulschwamme mat Bléck op den urspréngleche Gesetzestext d'Méiglechkeet geschaf, fir den Encadrement vun de Kanner, déi net schwamme kënnen, duerch eng Interventioun vun engem zousätzleche Schwammmeeschter ze ergänzen.

D'Schwammmeeschtere gi vun de Gemengen agestallt déi deemno och fir déi gesichte Profiller zoustänneg sinn.

Lëtzebuerg, de 4. September 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH